# Der „Hondssportverein Wolz" weiter im Aufwind

Die diesjährige Generalversammlung des „Hondssportvereins Wolz" fand vor kurzem im Hotel Beau Séjour in Wiltz statt. Präsidentin Toiny Fraiture hieß alle Anwesenden recht herzlich willkommen, unter ihnen Bürgermeister John Müller sowie die Gemeinderätin Renée Scheek-Clam.

Nach einem kurzen Einführungsgespräch der Präsidentin verlas Sekretär Frank Jakobs den Tätigkeitsbericht für das Jahr 1995. Wie jedes Frühjahr veranstaltete der H.S.V. Wolz einen dreimonatigen Kursus zum verkehrssicheren Begleithund. Auf Grund der gestiegenen Nachfrage entschloß sich der Verein, einen weiteren Grundkursus von September bis November 1995 abzuhalten. Beide Lehrgänge wurden von allen Teilnehmern erfolgreich mit Diplom vollendet und bei besonderer Leistung mit einem Pokal geehrt.

Des weiteren fanden zwei Agilitywettbewerbe im Mai und Juni auf dem Dressurgelände in Weidingen statt, an denen verschiedene in- und ausländische Klubs teilnahmen. Zu den aktiven Teilnehmern des H.S.V. Wolz – Agility zählten 1995 Ronny Schlesser, Elsy Meyer, Manuela Maurer, Karin Closter und Toiny Fraiture. Diese Teilnehmer repräsentierten den Klub bei zwölf Wettbewerben in ganz Luxemburg.

Bei den offiziellen Agilitywettkämpfen 1995 in Luxemburg erreichte Ronny Schlesser mit seinem Hund „Filou" den zweiten Platz im „Challenge d'Or" (bester Hund des Jahres), des weiteren den dritten Platz bei der Landesmeisterschaft in Differdingen. In der Gesamtwertung belegte die Mannschaft des H.S.V. Wolz unter 45 Teilnehmern den zweiten Platz. Wie man leicht erkennen kann, ist der Hundesportverein Wiltz im Laufe seiner über zehnjährigen Tätigkeit zu einem landesweit erfolgreichen Verein geworden.

Ehrenpräsident Max Melan schloß sich diesen Worten an und wünschte dem Verein weiterhin viel Erfolg für die Zukunft.

Der Kassenbericht wurde von Kassierer François Meyer vorgetragen und von den Kassenrevisoren John Müller und Marcel Krausch mit besonderem Lob bestätigt.

Die Präsidentin freute sich, ein neues Mitglied, nämlich Manuela Maurer, als Beisitzende begrüßen zu dürfen. Sie ersetzt somit Roland Lutz.

Zum Schluß der Generalversammlung richtete Bürgermeister John Müller Worte des Dankes und der Anerkennung an den Verein und versicherte dem H.S.V. Wolz, eine baldige Lösung in Sachen Dressurplatz zu finden, um dem Verein auf diese Weise ein positives Fortbestehen zu garantieren.

Die weiteren Termine für die nächsten Dressurausbildungen von April bis Juli 1996 in Weidingen wurden anschließend bekanntgegeben. Anmeldungen und Informationen erhalten alle Interessenten bei Toiny Fraiture über Telephon 95 74 35.

## NOTIZBLOCK

**Bettenduerf.** – Fraen a Mammen. D'Generalversammlung vun de Fraen a Mammen as e Méindeg, de 26. Februar, um 20 Auer am Kulturzentrum.

**Cliärref.** – Einkeerdaag. All Fraen a Mammen aus dem Dekanat Cliärref sën ageladen op den Einkeerdag fir d'Faastenzékt mat Gemeinschaftsmass op der Pafemillen (Fünfbrunnen) e Mëttwoch, de 6. Mäerz. Afank as ëm 10 Auer moies, nomëttes ëm 14 Auer fir diejéineg Persounen, déi sech aschléissen. Schluss as géint 16.30 Auer. D'Ledung vam Dag iwerhëllt den Abbé Léon Wagener, Paschtouer zu Steebrécken. D'Thema vun dësem Einkeerdag as: „D'Sëndt, wat as dat? Emgang mat der Schold haut"; am éischten Deel „Wat as d'Sëndt?" an am zweten Deel „Firwat beichten?". Ameldungen gien ageholl bis mondes, den 4. Mäerz, bei Meyer Sisy zu Bënzelt, Tel. 9 71 07. All Persounen, déi sech nomëttes aschléissen, mussen agemeld gien.

**Dikrich.** – Flegeversécherung. D'CSV aus dem Beziirk Norden invitéiert op eng öffentlech Debatt iwwer d'Flegeverséscherung zu Lëtzebuerg mat der Familjeministerin Marie-Josée Jacobs, méindes, den 11. Mäerz, vun 20 Auer un am Sall vun der aler Hotelschoul hanner der Kiirch zu Dikrich.

**Ettelbréck.** – „Musical". De Syndicat d'Initiative vun Ettelbréck invitéiert op de Galaconcert vun der „Harmonie Union Trois-vierges" e Samschdeg, den 2. Mäerz, ëm 20.30 Auer, an der Däichhal zu Ettelbréck. Dëse Concert steet ënner dem Motto „Musical". Um Programm sti „Conquest of Paradise" vu Vangelis; „West Side Story" vum L. Bernstein; „Cats" vum A. L. Webber; „Miss Saigon" vu Schoenberg/Boubil; „The Phantom of the Opera" vum A. L. Webber, arr. Tony Schuster a „Les Misérables" vu Schoenberg/Boubil, arr. Tony Schuster. Et wiirke mat: d'Elwenter Musik mat hire Gäscht; ët sangen Marion Welter, Änder Hirtt, Marie-Pierre Majerus an d'Chorale Jean-Paul Majerus. Et begleden zwielef Musiker vum Geien-Ensemble Estro Armonico, den Tony Schuster um Piano, d'Solfègeklasse van der Gemeng Elwen an de Félix Schaber. D'Musikante spillen ënner der Direktioun vum Werner Eckes.

**Ettelbruck.** – Donneurs de Sang. L'assemblée générale ordinaire de l'association des donneurs de sang bénévoles „Porte des Ardennes" se tiendra le lundi 4 mars à 20 heures dans la salle des fêtes de l'hôtel de ville à Ettelbruck. Cette assemblée sera suivie d'un exposé du docteur Yvette Bausch, médecin du centre de transfusion sanguine de la Croix-Rouge luxembourgeoise.

**Ettelbrück.** – Hochwasserinformationen. Ausschließlich im Falle von Hochwassergefahr können die Einwohner der Gemeinde Ettelbrück über den Fernseh-Infokanal (Videotext S. 200) die aktuellen Informationen für den Raum Ettelbrück erfahren.

**Housen.** – Buurgbrennen. D'Jeunesse Housen invitéiert op d'Buurgbrennen muer Sonndig, de 25. Februar. De Fakelzuch geet ëm 19.30 Auer beim Café Johanns (op Bayricht) fort.

**Pärel.** – Konscht-, Hobby- a Floumaart. De Gaart an Heem Pärel zesumme mam Syndicat d'Initiative vun der alter Gemeng Pärel lued an op säin éischte Konscht-, Hobby- a Floumaart sameschdes, den 2., a sonndes, den 3. Mäerz am Kulturzentrum an der Lee. Ufank as sameschdes um 14 Auer a sonndes um 10 Auer. Ugebuede gi Bicher, Poppen, héilze Spillsaachen, Seidemolerei, Tiffany, Hunnig, Hunnigdrëpp, Téi vum Séi, Ouschterarrangementer an nach vill méi.

**Rambrouch.** – Concert. D'Pompjeesmusik Rammerich invitéiert op e Valentinsconcert de 24. Februar um 20.30 Auer am Festsall vun der Gemeng.

**Wëntger.** – Société musicale. D'Mêmberen an d'Frënn van der Wëntger Musik sen invitéiert op d'Generalversammlung, déi e Samschdeg, den 9. Mäerz, ëm 20.30 Auer am Veräinssall zu Heesdrëf afgehale gët.

### Amiperas

**Rambrouch.** – Die Amiperas-Sektion Rambrouch lädt ein zu ihrer Generalversammlung am Mittwoch, dem 6. März. Im Anschluß an eine Messe, die um 11 Uhr in der Pfarrkirche in Perlé gefeiert wird, findet ein gemeinsames Mittagessen im Hotel Roder statt. Der Preis pro Mitglied beträgt 500 F. Um 15 Uhr findet dann die ordentliche Generalversammlung der Sektion, verbunden mit einer schönen Tombola, statt. Um 16 Uhr ist die Ehrung des Jahrgangs 1923 sowie Seniorenehrung. Anmeldungen für das Mittagessen werden bis zum 4. März über Telephon 6 45 30 (Schmitz-Rausch Marie) zwischen 20 und 22 Uhr entgegengenommen. Kandidaturen für den Vorstand sind schriftlich, bis einschließlich 5. März beim Sekretär Eugène Wagner, L-8809 Arsdorf, einzureichen. Geschenke für die Saaltombola können bei einem Vorstandsmitglied oder aber im Bus abgegeben werden. Die Abfahrtszeiten am 6. März sind: Folscheid 9.45 Uhr, Hostert 9.50 Uhr, Goeldt 9.55 Uhr, Rambrouch 10.00 Uhr, Koetscheid 10.05 Uhr, Arsdorf 10.10 Uhr, Bilsdorf 10.15 Uhr, Bondorf 10.20 Uhr, Wolwelingen 10.30 Uhr, Flatzbour 10.35 Uhr, Holtz 10.40 Uhr, Perlé 10.45 Uhr.

E Frägdig, den 1. Mäerz 1996

# Hl.-Kräiz-Frägdig zu Géisdrëf

D'Hl.-Kräiz-Poar Géisdrëf war ursprünglich eng Filiale vun der Urpoar Wooltz; doduerch war si och der Weeltzer Herrschaft nom Feudalrecht ënnerstallt an zingtepflichtig. D'Duerf selwer huet awer zur Feudalherrschaft vun Esch-Sauer gehéiert; déi Buerghären hu ganz fréi derfir gesuergt, dass di Géisdrëffer Poar selbstännig gouf, sou datt si ganz eleng Här a Meeschter waren op hirem Besëtz.

D'Historiker beruffe sech op de System vun der Zingteverdelung zur Halschent fir d'Kiirch a fir d'Buerg, fir den Zäitpunkt vun der Emanzipatioun vun der Hl.-Kräiz-Poar ëm d'Joarhonnertwänd vum 10. an 11. Joarhonnert ze datéieren.

Et as onméiglich dokumentarisch festzestellen, wéi a wéini d'Hl.-Kräiz-Veréierung zu Géisdrëf sech zu enger bedäitender Wallfahrt entwéckelt huet. Wuel as beluegt, dass bis zur Reduktioun vun 1893 all Joar ning „Kräizdeg" gehale goufen: die sechs Faastefrägdiger, Ousterméindig, d'Fester „Kreuzauffindung" a „Kreuzerhöhung".

D'Pilger koumen zu Fouss vun no a wäit an esou grousser Zuel, datt 15 bis 22 Beichthäre virun a während der Mass voll beschäftigt waren. Haut gin nach zwéi Kräizdeg gefeiert: den „zwete Frägdig"



*D'Géisdrëffer Missiounskräiz*
(Photo: Romain Lentz)

an d'Géisdrëffer Kiirmes um Sonndig noam Fest „Kreuzerhöhung" (14. September).

Dëst Joar kritt den „zwete Frägdig" eng besonnisch Bedäitung, wëll onmëttelbar noam Fest d'Restauratioun vun der Poarkiirch uleeft. Fir di zwéin Bauhären, d'Kiirchefabrik an d'Gemeng ze ënnerstëtzen, hun di Géisdrëffer Lekt d'Asbl „Kiirch am Duerf Géisdrëf" gegrënnt. De Projet, dee vun der Kommissioun fir religiéis Gebaier wéi och vum Kulturministerium guttgeheescht gouf, ëmfaasst eng nei Beleuchtung, den Ustrach an d'Restauratioun vun dem homogenen neogotische Kiirchemiwwel, d'Infrastruktur fir eng Päifenuergel as matagegeplangt.

Wéi d'läscht Joar as den zwete Frägdig agebonnen an d'Eislécker Kräizgebiet. Donneschdes, den 29. Februar 1996, géint 19.30 Auer, iwwerhëllt d'Poar Géisdrëf d'Kräiz bäim Monument a geleet et a Prêssioun an d'Kiirch, wou eng Andacht mat enger Meditatioun zum Thema: „Wee mam Kräiz, Wee zum Liewen" gehal gët.

Frägdes, den 1. Mäerz 1996, as ëm 0.30 Auer feierlich konzelebréiert Houmass zu Eieren vum Hl. Kräiz fir d'Pilger an d'Poarkanner. Den Abbé Leo Wagener, gebiertig vun Houschent, Paschtouer zu Steebrécken, Aumônier vun der Kathoulischer Landjugend, vun de Kathoulische Jugendverbänn a vun de „Foulards blancs", präsidéiert d'Konzelebratioun an hält d'Festpredigt. D'Chorale Ste-Cécile vu Géisdrëf-Boukels suergt fir di gesanglich a musikalisch Gestaltung vun der Liturgie.

# LCGB Wiltz ehrte langjährige Mitglieder

Präsident Emil Gasper eröffnete die diesjährige Generalversammlung der LCGB-Sektion Wiltz im Café Renert und zeigte sich erfreut über die mehr als 500 Mitglieder des LCGB Wiltz. Seitens dieser Mitglieder erwünschte er sich mehr Interesse für die Besetzung der Posten im Vorstand, wo ein Generationswechsel erwünscht ist, sowie eine bessere Zusammenarbeit mit den Betriebsequipen. Erfreut zeigte sich der Präsident über das neue Regionalbüro im „Ilot du Château" in Wiltz, das am 10. November 1995 eingeweiht wurde und wo seitens der Sektion die Sprechstunden abgehalten werden: jeden Mittwoch von 15 bis 17 Uhr von Aly Kaes oder Léon Kettels, jeden Freitag von 15 bis 17 Uhr von Emil Gasper.

Sekretär Ed Neuman und Kassierer Raymond Marth konnten ausführliche Tätigkeits- bzw. gesunde Kassenberichte vorlegen.

Für 30jährige Mitgliedschaft in der Wiltzer LCGB-Sektion wurden ausgezeichnet: Elvire Berlo-Hoffmann, Mathias Biver und Erny Hoffmann. Für 20jährige Mitgliedschaft wurden ausgezeichnet: Guy Bettendorf, Maria Britz, Jemp Dichter, Josi Fretz, Denise Gerson, Erwin Haas, Léon Mack, John Muller, Edy Neuman, Nicolas Reisen.

Bezirkssekretär Aly Kaes hielt einen kurzen Rückblick über die Tätigkeiten des Bezirks Norden, die Bemühungen des LCGB in punkto Dezentralisierung der Verwaltungen sowie die Arbeitsplatzbeschaffung im Norden.

In punkto Gewerkschaftsarbeit sei zu notieren, daß die Ausarbeitung der Kollektivverträge seitens der Unternehmer immer mehr erschwert wird, z. B. durch die Aufsplitterung der Betriebseinheiten.

In Zukunft sollen die Regionalbüros, auch dasjenige in Wiltz, untereinander informatisch vernetzt werden, damit ein schnellerer und effizienterer Zugriff auf Informationen gewährleistet wird, dies im Interesse der LCGB-Mitglieder.

Aly Kaes erläuterte noch einmal die Zielsetzungen des 75. Landes-Kongresses des LCGB: Arbeitszeitverkürzung im Rahmen der Kollektivverträge; Anbietung der Flexibilität der Arbeitszeiten seitens der Gewerkschaften; Arbeitslosigkeit reduzieren und Einsetzung des „Conseil National de l'Emploi".

Er rief alle LCGB-Militanten des Nordens auf, massiv an der 1.-Mai-Kundgebung 1996 in Diekirch dabeizusein. jom

## Eng KLACK fir eis SPROOCH

# Sot emol zu deenen „um Radio" . . .

Natiirlech dréint et sech dann am Gespréich, dat do entsteet, ëm eis Sprooch. Haut geet ët nët méi nëmmen ëm „de" Radio, mä ëm d'Televisioun an all Radios-Statiounen, déi zënter dem Gesetz vun 1991 op den Antennen oder am Kabel sin. A wéi soen d'Leit: „Ët hätt ee besser eng Band Fléi ze hidden", wann een do op eis Sprooch soll oppassen.

Dann nach eppes: Mir hun „deenen" am Fong näischt „ze soen"; mir kënnen ower verstänneg mat „deene" schwätzen, a mir kënnen/wëllen och verstänneg an ziviliséiert mat „deenen" eppes fir eis Sprooch „op der Antenn" maachen. Et däerf do op deer enger Säit nët mat Klëppelen dragefacht gin, an op deer anerer Säit soll ee kënnen – däerfen – missen eng verstänneg Portioun gudde Wëll erwaarden. Hexe-Juegd mat Lieserbréiwen a mat Flitschen hannert der Heck eraus, déi bréngt nët vill, glat näischt, oder de Contraire! An deem Sënn kënnt een elo nach virufueren a vum Wert vun eiser Sprooch als Identitéits- a Kulturelement schreiwen a schwätzen, diedegen, poteren, jadderen, knouteren, knadderen. . . an da wir de ganzen Äifer alt erëm fir eng Zäit eraus. Wat dat bréngt? Näischt!

Eise Mann, deen eis/Är Actioun-Lëtzebuergesch am „Conseil national des programmes" vertrëtt, huet dofir an dësem Conseil e Virschlag gemaach: en Aarbechts-Comité ze maachen, deen sech mam Problem „Lëtzebuergesch op Radio an Televisioun" ofgët. Den CNP (25 Mêmbren aus allen Deeler vun eisem sozialen Zesummeliewen) huet déi Propos ugeholl, ouni eng eenzeg Stëmm dogéint!

Klorerweis as och eng Invitatioun un de „Conseil de presse" gaang, fir an deem Aarbechts-Grupp matzeschaffen, deem séng éischt Sëtzung den 29. Februar as.

Op dës Manéier kréie mir Meenungen, Iddien a Virschléi beieneen, déi dann offiziell dem Här Staatsminister iwerreecht gin, well hien d'Press/Medien a sénger Kompetenz huet; an nom Sënn an Zweck vum Gesetz iwer eis Sprooch-Situatioun an Nationalsprooch (Art. 1.) as d'Staats-Autoritéit och fir eis Sprooch verantwertlech. . . och wann dat Aarbecht oder Geld kascht; déi aner Elementer vun eiser Identitéit a Kultur loosse mir äis jo och – ee Gléck! – eppes kaschten.

Mir hun eis klor Iddien, wéi een op eng positiv a konstruktiv Manéier eppes/vill fir eis Sprooch op de Medien TV + Radio kann a muss maachen. Eng ganz einfach as déi, mat deer mir an eiser KLACK vun haut ufänken: emol eent duerch d'anert e Koup Beispiller ze bréngen, deen mir mat en etleche Frënn an de leschte Wochen op deene verschiddene Statioune geglannt hun. Eng aner Kéier gi mir da méi mat System un d'Saach: Mir deelen d'Sprooch op déi verschidde Streecher op. . . Sport, Wieder, Politik, Gastronomie, asw.

Well ët ower nët duergeet, nëmme „rout Sträpp" ze maachen an ze kritikasteren, brénge mir och dat zerguttstert Lëtzebuergesch hannendrun. . . vläicht wësst Dir esouguer plazeweis e bessert.

Mir hun an eisem Comité gemengt, dat wir ganz bestëmmt eng KLACK wert …also gët ët mam „Wort" + „tageblatt" + „journal" op d'mannst 120.000 mol gedréckt… hoffentlech grad esou dacks gelies, a vu ville Leit erausgeschnidden a versuergt.

Wei Dir gesit as ët d'meescht dat iwerflëssegt an iwerméissegt Däitsch, dat äis ausrutschen deet; esouguer do wou hei ëmmer e franséischen Ausdrock geholl gin as, gët deen och nach vun engem däitschen an den Eck gedréckt (invitéieren/alueden). Heiansdo kënnt ee mat enger franséischer Fassong aus deer zevill däitscher Schinn eraus.

L. R.

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

Adressen: Breedewee, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89

Cotisatioun/Mêmber: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

Redactioun an
Zesummestelle vun dëser „Klack":
Lex Roth

Redactioun fir d'Klack
N. 21 (30. März)
mir an…Dir!

Thema: "…ét kéngt a knäppt"

| | |
|---|---|
| **eng beandrockend Feier** | *eng grouss/gutt/apaart Feier* |
| **e Réckbléck maachen** | *nach eng Kéier kucken, eng Woche-Revue* |
| **gudden Uklank fannen** | *gutt ukommen, gefalen* |
| **d'Buch gët an de Librairië verdriwen** | *…verkaaft; as an de L. ze kréien* |
| **en Ëmzug huet stattfond** | *ët war/goung e Cortège* |
| **ët lount sech do ze kafen** | *et as dowäert. . .* |
| **zousätzlech huet ët andauernd geknuppt** | *dobäi huet ët an engem Stéck geknuppt* |
| **eng bemierkenswert Aarbecht** | *eng gutt/extra Aarbecht* |
| **si haten e schéinen Erfolleg ze verbuchen** | *as de Succès nët méi gutt genuch? …fir ze hun* |
| **wéi soll een haushalen** | *eppes zerootshalen, Haushalt = Stot* |
| **ët as him gutt gelongen** | *ët as him geroden; hien huet ët fäerdegbruecht* |
| **kiirzlech guf d'Versammlung ofgehalen** | *an der Lescht war d'V.* |
| **hie krut d'Vertrauen ausgeschwat** | *„aussprechen" ≠ ausschwätzen/engem eppes…* |
| **de Bericht guf virgedroen** | *mir „droen" nëmmen e Gewiicht/Laascht* |
| **mir héieren an d'Sendung eran** | *héieren ≠ lauschteren e Stéck vun der S.* |
| **de Bau as zesummegestiirzt** | *…zesummegefall, an e Koup gefall* |
| **an éischter Stell** | *fir d'éischt, d'éischt. . .* |
| **séier oft, séier schnell** | *ganz dacks, ganz séier (as nët „sehr")* |
| **hie war vun deem Bild ugedun** | *dat Bild huet him apaart/extra gefall* |
| **si hun iwer Mëttele verfügt** | *si hate Mëttelen* |
| **si hu locker gefeiert** | *si hu labber gefeiert* |
| **de Verstuerwene guf bäigesat** | *hie guf begruewen* |
| **si hun e groussen Nachholbedarf** | *si mussen nach vill léieren* |
| **eng Bushalte-/eng Tankstell** | *eng Bushalt / eng Tank-/Bensinstatioun* |
| **dat as kriibserregend** | *dat gët Kriibs* |
| **déi kommend Deeg** | *déi nächst Deeg* |
| **dat guf öfters erläutert** | *dat guf dacks explizéiert* |
| **dat as insgesamt eng laangfristeg Saach** | *dat as am ganzen eng laang Saach* |
| **si sin enger knapper Néierlag entgaang** | *si hu mat vill Chânce nët verluer* |
| **hien huet hinne säin Dank ausgeschwat** | *hien huet hinne merci gesot* |
| **dat gët biologesch ugebaut** | *dat gët biologesch gezillt* |
| **si haten eng Foussaangel geluegt** | *si haten e Strack gesat* |
| **eng schéi Verpackung** | *schéin agepaakt* |
| **an Afrika muss ee feilschen** | *an Afrika muss ee maarten* |
| **de Pegelstand op der Musel** | *de Waasserstand, d'Waasserhéicht. . .* |
| **dee weist e Leeschtungsknéck op** | *do as e Krack an der Leeschtung* |
| **insbesondere déi Tatsaach** | *vrun allem déi Saach, datt…* |
| • UERTSCHAFTSNIMM | sin all am Telefonsbuch! |
| **• de mëllen (däitschen) S bei Wiirder aus dem Franséischen, Italiéineschen an Engleschen** | *super, solo, Sensatioun… schaarfen Ufanks-S, also nët ewéi am Däitschen* |
| **si hun dee Kiirzere gezunn** | *dee Kiirzten (mir hun zesoe kee Komparativ)* |
| **zumindest, virleefeg, mëttlerweil** | *op d'mannst, d'éischt, déi Zäit (deerbanns)* |
| **een/eppes treffen** | *een/eppes geroden / ee gesin, begéinen* |
| **den Himmel as bedeckt** | *d'Luucht as zou* |
| **geméiss dem Gesetz** | *dem Gesetz no. . .* |
| **déi dementspriechend Formel ergët** | *d'Formel dovun/dofir gët. . .* |
| **en Nodrosmätch. . . ausdroen** | *e Mätch nospillen* |
| **inner-/ausserhalb vun der Stad** | *bannent/baussent der Stad* |
| **si hun d'Iwwerhand kritt** | *si sin uewekomm/meeschter gin* |
| **si waren 2 zu 0 am Hannerdreiwen** | *2 null hannendran* |

| | |
|---|---|
| **ët gufe Strofe verhaang** | *et gufe Strofen (ausgedeelt)* |
| **mir huelen d'Äntwert entgéint** | *mir huelen d'Äntwert of* |
| **en hëlzernen/eisernen/goldenen Nol** | *hëlzenen/eisen(en)/gëllenen, sëlwer(en)* |
| **geschmeideg turnen** | *gewieweg turnen* |
| **dat as bedéngt duerch d'Keelt** | *dat as/kënnt duerch d'Keelt* |
| **de Fliger huet ofgehuewen** | *= riichtewech Däitsch / . . . as opgaang* |
| **de leschten Dag war ugebrach** | *hien hat ugefaang* |
| **den Temperaturopstieg iwer de Gefréierponkt** | *bei äis gefréiert näischt, d'Temperatur geet erop* |
| **déi ausstéiend Léin** | *déi schëlleg/geschëllte Léin* |
| **de Steierzueler benéidegt Geld** | *mir „zuelen" nët, mä be-zuelen/brauch Geld* |
| **ouni mat der Wimper ze zucken** | *ouni ze zécken* |
| **hien huet mat Luef gegäizt** | *hie war knéckeg mam Luewen* |
| **ablacklech** | *direkt / den Ament eenzock* |
| **e schalen Nogeschmaach** | *e faden Nogeschmaach* |
| **onglaubwürdig** | *nët ze gleewen* |
| **dat as onabdingbar** | *dat geet nët anescht, ët geet nët ouni* |
| **d'Situatioun war nët räif** | *d'S. war nët zeideg* |
| **de Satelitt as vergléit** | *vergloust, verbrannt* |
| **dat as nët flächendeckend** | *dat as nët iwerall* |
| **ët war Gas ausgestréimt** | *bei äis „stréimt" näischt (goen, lafen)* |
| **ët as unglaublich** | *nët ze gleewen* |
| **si hu gespeist** | *ieese geet duer!* |
| **de springende Ponkt** | *den Haaptponkt (?franséisch)* |
| **mir blécken** | *mir kucken* |
| **de Jugendtreff** | *all „Rendez-vous" as besser ewéi en „Treff"* |
| **dat as zweckentfremdet gin** | *…nët fir säin Zweck geholl gin, falsch…* |
| **hien huet dem Noper gedréit** | *dréi(n)en/dréin ≠ dräen/dreën* |
| **anstatt** | *aplaz* |
| **am Alleingang** | *eleng* |
| **e schnellen Auto. . . fiirt schnell** | *e séieren Auto. . . fiirt séier* |
| **ët guf vill gemogelt** | *= pur Däitsch – mir fuddelen* |
| **den Abitter war pingeleg** | *= id. – deen as kriddeleg* |
| **do sëtzt ee bequem dran** | *= id. – kamoud* |
| **kucke mir dann elo d'Wieder** | *{ dat as an eiser Sprooch eng Fro!* |
| **komme mir elo bei d'Politik** | *loosst mer elo + Verb (ewéi am Engleschen!)* |
| **den Hond huet zougebass** | *= däitsch – zoubäissen as nët duerbäissen* |
| **noochléisseg, Noochriichten** | *eng Auer geet nët nooch, mä no* |
| **5 Minutte viru Mëtternuecht** | *20, 10, 5 bis (an nët vrun/virun) Hallefnuecht* |
| **am ländleche Raum** | *um Land* |
| **si hun eng Aluedung verschéckt** | *sin déi puer franséisch Wiirder esou ellen? mir verschécken näischt/schécken* |
| **si feiere gemeinsam** | *„gemeinsam" = zesummen, mateneen* |
| **zwee Männer an zwee Autoen** | *zwéi(n) Männer/Autoen – zwee Kanner* |
| **zréckgin/-kommen/-fueren** | *ërëmgin/-kommen* |
| **eng pickfein Zalot genéissen** | *eng tiptop Z., pickfein ≠ piekfein!* |
| **eng Rompelkummer** | *eng Wullkummer; Rompelen = Falen* |
| **de Virstand vun der Vereenegung** | *de Comité vum Veräin/der Gesellschaft* |
| **e musikalesche Sträifzuch** | *e m. Tour, m. doduerch goen. . .* |
| **de Gazasträifen** | *eng Sträif also d'Gazasträif* |
| **ët notzt si näischt** | *ët déngt näischt* |